Mobilité douce: Vëlos- a Foussweeër

(Stellungnahm am Kader vun der Gemengerotssëtzung vu Käerjeng vum 11 Juni 2012 zum Vote vun dräi Tronçonen vum zukünftegen Fouss- an Vëlosnetz.)

An der Schäfferotserklärung hat eise Buergermeeschter ugekënnegt, dass e Netz vu Fouss- a Vëlosweeër zu Käerjeng gief opgebaut ginn fir déi douce Mobilitéit ze förderen. D'Gemeng kann awer net alles beieneen maachen, well se net de Budget dofir huet a well et komplizéiert ass fir all d'Terrainen an déi néideg Autorisatiounen ze kréien, dofir gëtt dee Raiseau Schrëtt fir Schrëtt realiséiert. An de nächste Joere muss a wärt och konsequent un dësem Netz geschafft ginn, fir dass all Platz an der Gemeng mam Vëlo oder zu Fouss ze erreechen ass.

Vëlosweeër droe bei zu der Verwierklechung vun der Gemeng vun de kuerze Weeër, déi do dra besteet d'Wunnen, d'Akafen, d'Schoul, Fräizäitaktivitéiten an d'Aarbecht mam Vëlo, zu Fouss oder mam ëffentlechen Transport kënnen ze erreechen.

Op dëser Platz wéilt ech dann och en Appell un déi véier Kordallgemenge maache, fir d'Planifikatioun vun de Vëlosnetzer net eleng kommunal mä och regional unzegoen. Dëst awer net nëmmen an deem ee Fraizaitpiste baut, wou der e puer sech am Kordall treffen, mä och méi gezielt Weeër laanscht déi grouss Stroossenaxe mëscht, fir dass d'Leit op méi engem direkte Wee schaffen, akafen an sou weider kënne goen. Hei muss een sech och virun Aen halen, dass een duerch den Elektrovëlo méi ee groussen Aktiounsradius huet.

D'Leit wäerten ëmmer méi op de Vëlo oder Zufoussgoen ëmklammen wa se mierken, dass se duerch déi méi direkt Weeër Zäit gewannen a wann se dat ënnert gudden a séchere Konditioune kënne maachen.

Wichteg ass et och d'Kanner motivéiert ze kréie fir mam Vëlo oder zu Fues an d'Schoul, de Sport, d'Musekschoul oder aner Aktivitéiten ze goen. Fir dat fäerdeg ze bréngen, mussen d'Elteren Vertrauen an déi Weeër hunn déi hier Kanner solle benotzen. Dofir mussen all d'Geforen ob e Minimum reduzéiert ginn.

Fir wat ass dat sou wichteg, dass Käerjeng ob Mobilitéit douce ëmklemmt ? Et kann een sou deem groussen Autosverkéier deen et zu Käerjeng gëtt aus de Féiss goen, gläichzäiteg huet een eng Reduzéierung vum kommunal verursaachte Verkéier wann d'Leit sech net fir alle Wee deen se an der Gemeng zeréckleeën an den Auto setzen. Da gëtt manner CO2 ausgestouss, wat dem Klima zegutt kënnt. Ausserdeem ass et méi gesont fir d'Leit wa se sech beweegen an d'Kanner kënnen sech um Schoulwee schonn e bëssen defouléieren ier se sech roueg an d'Schoulbänk musse setzen.

Déi gréng sinn dofir frou, dass d'Ëmsetzen vum Netz vu Vëlos- an Foussweeër weider geet a sinn der Meenung, dass des Suen gutt investéiert sinn.